Dienststelle 19 365 C.                                                        O.U., den 19.11.1943.

Betr.: Nachlassachen.                                                        Einschreiben!

Herrn

Peter Riehl

Esch - Alzig / Luxemburg

Viaduktstrasse 76

Die ~~Kompanie~~ übersendet Jhnen anliegend die Nachlassachen Jhres Sohnes, des Gren. Kurt Riehl:

1 Ledertasche mit
  Toilettensachen, Briefpapier,
  Briefen und Schreibblocks
1 Paar Hosenträger
1 Bürste
1 Beutel mit Flickzeug.

Die noch weiter vorhanden gewesenen Sachen sind leider, wie Jhnen bereits berichtet, durch Feindeinwirkung vernichtet.

Leutnant u. Komp. Führer.

Wehrmeldeamt Luxemburg

Luxemburg, den 23.12.1943

Sachgebiet H (Ka)

~~Herrn~~

Peter R i e h l

E s c h / A l z i g

Viaduktstraße 76

Anliegend überreicht Ihnen das Wehrmeldeamt Luxemburg mit aufrichtigem Beileid den Wehrpaß Ihres am 15.9.1943 im Kampf um die Freiheit Großdeutschlands für Führer, Volk und Vaterland gefallenen Sohnes.

Das Wehrmeldeamt bittet, den Wehrpaß als Urkunde aufzubewahren.

Oberstleutnant.

## „Mit aufrichtigem Beileid"

Wat am Häerz vun enger Mamm virgaangen as, wann si d'Noriicht vum Doud vun hirem Jong krit huet, ka kee Mënsch sech virstellen an och nët a Wierder ausdrécken . . .

De 9. 12. 1942 as de Courthe Riehl, eenzege Jong vum Pierre Riehl aus Esch agezu gin. Et si vill schwéier Deg a Nuechten ouni Schlof am Haus Riehl an der rue du Viaduc eriwer gaang. All Dag hun si op de Bréifdréier gewaart. All Bréif vun him as honnert mol gelies gin. Bis op eemol ufank September 1943 dee leschte Bréif aus der Front kom as . . . Mär geet et gutt, ech kréie geschwënn Urlaub . . . Ech denken vill un Iech . . . halt iech gesond . . . bis nächstens . . .

Duerno as nach e Bréif kom, deen awer nët vum Courthe geschriwwe wor . . .

**An Herrn Peter Riehl**

Betrifft ; Nachlassachen ; . . . Die Kompanie übersendet Ihnen anliegend die Nachlassachen ihres Sohnes, des Grenadiers Courthe Riehl. - Die noch weiter vorhanden gewesenen Sachen sind leider wie Ihnen bereits berichtet, durch Feindeinwirkung vernichtet . . .

Anliegend überreicht Ihnen das Wehrmachtsmeldeamt Luxemburg mit aufrichtigen Beileid den Wehrpass Ihres am 15. 9. 1943 im Kampf um die Freiheit Grossdeutschlands, für Führer, Volk und Vaterland gefallenen Sohnes.

Das Wehrmeldeamt bittet, den Wehrpass als Urkunde aufzubewahren.

Oberstleutnant Zöner

14 Deg méi spéit en zwete Bréif ; Die Kompanie übersendet . . . asw.

Weinet nicht, Ihr meine Lieben,
Weil ich nicht mehr bei euch bin
Wollet euch doch nicht betrüben
Weil mich Gott nahm zu sich hin
Lebet wohl, gedenket meiner
Wenn die Zeiten schwinden hin,
Daß kein Tag, nein, auch nicht einer
Flieht, wo ich vergessen bin.

Nun ruhest du auf fernen Höhen
Und schriebst so oft auf Wiedersehen.
Weit ist dein Grab, tief unser Schmerz
Dir die Ruhe, uns der Schmerz.
Nun ruhe sanft, Du lieber Guter
Du treuer Sohn, geliebter Sohn,
Wir konnten Dich nicht sterben sehen
Und nicht an Deinem Grabe stehen.
Wir konnten Dir nichts mehr bieten
Mit nichts mehr Dich erfreuen
Nicht eine Handvoll Blüten,
An Deinen Hügel streu'n.

Du warst so jung,
Du starbst so früh
Vergessen werden wir Dich nie !

BUCHDRUCK. BEI AUG. WAGNER, ESCH-ALZ.

**Zum frommen Andenken**
an unsern innigstgeliebten Sohn, meinen lieben Verlobten, unsern guten Enkel, Neffen und Vetter



**KURT RIEHL**

geboren am 7. 1. 1920,
gefallen bei Smolensk am 15. 9. 1943.

**Sein heissersehnter Wunsch, das schöne Luxemburg u. seine Lieben daselbst wiederzusehen, blieb ihm unerfüllt.**

Vill Tréine si gekrasch gin. Eng kleng Annonce an der Zeidong . . . D'Famill, Noper a fréier Komerode woren an der Mëss. Op den Doudebiller stung : Courthe RIEHL, geboren am 7. 1. 1920, gefallen bei Smolensk am 15. 9. 1943 . . .

Sein heissersehnter Wunsch, das schöne Luxemburg und seine Lieben daselbst wiederzusehen, blieb ihm unerfüllt . . .

D'Eltere vum Courthe konnten et ëmmer nach nët begräifen, woufir grad hire Jong bei denen Ongléckleche wor . . .

D'Joër 1944 huet bei all dene Familjen, déi e Jong bei dene 7 „ausgewielte" Joërgäng haten, grousse Misär hannerlooss. Vill vun hinnen hu vum éischten Urlaub profitéiert, fir ze verschwannen. D'Familjen doheem hun d'Repressalië vun de Preisen op sech geholl an op d'Zänn gebass.

Nach schlëmmer wor et fir déi, déi als Déserteur de Preisen op iirgend eng Manéier an d'Hänn gefall sin . . .

Dofir konnte vill Leit trotz der Liberatioun nët richteg frou gin.

Et wore laang Deg a laang Wochen, wou guer keng Noriichte méi ukomm sin . . .

Ob si gefall, vermësst oder a Gefaangenschaft wären . . . kee Mënsch wousst Bescheed . . . Bis déi éischt gutt Nouvellen iwer de Radio kom sin . . .

Zu Esch an der rue du Viaduc op Nr 76 huet d'Madame Riehl d'Mëttegiesse gemat. Wéi gezwongen, huet si all Dag ëm déi selwecht Zäit d'Neiegkete gelauschtert. Zum Schluss huet dann de „Service de Rapatriement" an de „Service des prisonniers de guerre" d'Nimm vun dene Jonge bekannt gin, déi aus irgend engem Gefaangenelager fräikom sin an um Wee fir an d'Hemecht woren.

## Hei as Radio Lëtzebuerg . . .

Aus dem Lager Tambow sin ënnerwee fir iwer Bréissel op Lëtzebuerg . . . Den Zuch kënnt e Méindeg den 8. 10. zu Lëtzebuerg un ëm . . .

D'Madame Riehl huet d'Stëmm vum Radiospeaker nach vu ganz wäit héieren . . . Wor do nët den Numm vun hirem Courthe genannt gin. Vu Schreck wor hir d'Schossel aus der Hand gefall, déi si just aus dem Schaf geholl hat . . . Oder soll do een sech e schlechte Witz erlaabt hun oder sollt et eng Verwiesslung sin ?

Si wor nët esou kéng am Radio nozefroen, wëll si wollt op kee Fall eng batter Déceptioun erliewen. An dach huet si esou dacks un de Mann mam „Pendel" geduecht, deen si opgesicht hat an deen hir gesot huet, datt déi Saachen, déi si aus der Front geschéckt hätten, hirem Jong nët génge gehéieren . . .

Et as eng onroueg Nuet am Haus Riehl gin, wou keen en A zougemaach huet . . .

Den Zuch mat de Lëtzebuerger Jongen as wéi ugekënnegt owes op der Gare zu Lëtzebuerg ukom . . .

Si wore vum 9. bis de 25. September ënnerwee laanscht Budapest - Ceklis - Bratislava - Brünn - Reichenbach - Königszell - Liegnitz - Kottbus - Berlin. Hei as den zweten Deel vun hirer Rees an d'Fräiheet ugaang.

Datt si nët éischt Klass gefuer sin, kann ee verstoen. Awer datt de gréissten Deel vun hinne wochelaang an einfach Waggonen (Güterwagen) huet musse sëtzen, ouni Sëtzplazen an ouni Toiletten, dat hätt kee geduecht . . .

ARMÉE LUXEMBOURGEOISE
ÉTAT-MAJOR

SERVICE DES PRISONNIERS DE GUERRE

Luxembourg, le 8.10.45 194 .

# CERTIFICAT

Il est certifié par la présente que

Riehl Kurt né le 7.1.20 à Frankenthal

domicilié à Esch s/Alz

a passé par la contrôle de notre service.

Par Ordre du Chef d'Etat-Major

L'Adjudant Général

---

No 411

Ville d'Esch s/Alzette

Bureau de Rapatriement.

Esch s/Alzette, le 11.1o.45

## Fiche personnelle du Rapatrié.

Noms et prénoms: Riehl Kurt

Date de naissance: 7.1.2o

Lieu de naissance: Frankenthal

Nationalité: luxembourgeoise

Domicile: Esch s/Alzette, Rue des Viaducs 74

Accompagné de

Rapatrié de Tambow le 7.1o.45

Ville d'Esch-s.-Alzette Bureau de Rapatriement

Vu Berlin erof woren si nach 13 Deg an 13 Nueten ënnerwee. Si si vun engem Gleis op dat anert geschuppst gin. Duerch Interventioun vum roude Kräiz sin d'Jongen endlech aus de Waggons geholl gin a mat Bussen duerch d'englesch an duerch déi amerikanesch Zon gefouert gin. D'Englänner hu si nei agekleet, an si hun emol „richteg" z'iesse kritt.

An dem éischten Deel vun der Heemrees as et leider bei Liegnitz duerch esou eng zweedeleg wackleg Dir am Wagon zu engem trageschen Zwëschefall kom. Wëll schéi Wieder wor, haten d'Jongen d'Dir opgestäipt a mat enger Ficelle ugebonnen. Duerch de Loftdrock vun engem Schnellzuch, deen de Jongen hiren Zuch gekräizt huet, as d'Dir lassgerappt gin an zréck an de Waggon op d'Jonge gefall . . .

Den Nico Feyereisen vu Nidderpallen wor esou uerg blesséiert gin, datt hie kurz duerno gestuerwen as. Zwéin aner Komerode wore schwéier blesséiert gin . . .




*Deen éischte Convoi vun Tambow*